# ASSEMBLEE GENERALE

## Ettelbruck Däichhal 29 NOVEMBRE 2018 (19:00 heures)






**Special Olympics**
Luxembourg

# Ordre du jour:

1. **Allocution de Madame la Présidente**
2. **Adoption du rapport de l'Assemblée Générale 2017**
3. **Rapport d'un Représentant des Athlètes au sein du Comité**
4. **Rapport du Directeur National**
5. **Rapport d'Activités**
6. **Rapport de la Commission des Finances et décharge par les Réviseurs de Caisse**
7. **Décharge du Comité**
8. **Fixation des cotisations**
9. **Programme 2018-2019**
10. **Prévisions budgétaires et stratégiques pour 2018-2019**
11. **Remise du Prix de l'Inclusion**
12. **Discussion libre**

# Allocution de la Présidente
# Pascale Schmoetten



# Allocution de la Présidente
# Pascale Schmoetten

Léif Memberen a Frënn vu Special Olympics,
Léif Vertrieder vun de Sportsverbänn (FLTT – Änder Hartmann, Bib Linster; ASEP – Nicole Kuhn-Di Centa, Tom Jander; FLNS – Marco Stacchiotti, Christine Meynen, Rapaël Stacchiotti). D'Vertriederin vum COSL, d'Madame Coryse Simon-Junius läesst sech krankeethshalwer entschellegen.

Ech begréissen iech alleguer ganz häerzlech an eiser Generalversammlung a si frou, dass dir iech Zäit geholl hutt, den Owend bei eis ze sinn. An der leschter Generalvesammlung hate mir eise Komitee opgestockt a waren zu 13. Zudem kënne mir op eis 2 Experten zielen, déi och an all Sitzung dobäi sinn. Leider muss awer ee Member aus beruflechen an doduerch zäitleche Grënn ophalen. Mir bleiwen an elo zu 12 am Comité.

„Eng Sekretärin, déi Freed hätt, déi Aarbechten ze maachen, déi bei eis ustinn, an déi och nach déi néideg Fähegkeeten hätt", dat war eise Wonsch  virun engem Joer. A mir si ganz frou, iech matzedeelen, dass dëse Wonsch , wann och eréischt am 2. Ulaf zu eiser gréisster Zefriddenheet an Erfëllung gaang ass. Mat Leif a Séil bei a fir Special Olympics. Fir déi, déi d'Georgette nach net kennen, d'Georgette ass och hei bei eis a sou kënnt dir hat och den Owend kenne léieren.

Nieft dem klassesche Sportsprogramm (Detailler méi spéit) wëll ech awer ee speziellen Event erauspicken, an zwar eise grousse Bocce Tournoi, dee mir zesumme mat der FLPB iwwer Päischten zu Suessem organiséiert haten. Niewent groussem Sport hate mir och  eng flott Ouverture am Artikuss zu Zolver an e genee sou flotten Ofschloss am Hôtel Threeland zu Péiténg.  Net onerwähnt wëlle ech lossen, dass sech direkt e puer Politiker souwuel bei der Ouverture wéi och bei der Medailleniwwerreechung afonnt haten a besonnech, dass si och ganz begeeschtert waren, vun deem, wat si gesinn hunn.

Aussersportlech eraushiewen wëll ech d'Optriede vun den Déckkäpp beim Faust zu Longsdrëf, wat och e volle Succès war. De Prix de l'Inclusion hu mir un d' Dëschtennisfederatioun verginn a beim Bénévole de l'Année war de Paul Koch eise Lauréat.

Bei den ING Solidarity Awards hu mir fir déi 7. Kéier  hannereneen déi 1000€ vum Online Voting kritt, dat dank denen 880 Leit, déi fir eis gewielt hunn, awer och dank deenen, déi massiv Werbung gemaach huet, dass d'Leit iwwerhaapt fir eis gewielt hunn.

D'Kiischt um Kuch war, dass Spezial Olympics leschte Mëttwoch och nach de Juryspräis fir de beschte Projet mat eisem Projet „Young Athletes" krut. Nodeems mir dëse Präis schon eemol bei der Première mat eisem deemolege Projet kruten, konnte mir dann lo nach eemol zousätzlech zu den 1000€ déi stolz Somme vu 5000€ entgéinthuelen.

Ee Bléck viraus: Abu Dhabi 2019 , d'Weltsummerspiller sti virun der Dir. Vum 14. bis den 21.Mäerz wäerten eis Sportler rem beschtméiglech virbereet a betreit souwuel zu Abu Dhabi wéi och zu Dubai fläisseg em Medaille kämpfen.

Dat just als klengen Ausbléck, ma mir si jo hei op enger Generalversammlung an do gëllt et lo mol zréckzekucken …….

# Adoption du rapport de l'AG 2017

De Rapport war op eisem Internet-Site ze fannen.

De Rapport get per Applaus ugeholl.

# Le Mot des athlètes
## Aly Hoffmann




Madame Presidentin,

Léif Inviteeën,

Léif Kollegen a Kolleginnen,

Léif Sportler,

Och dest Joer war bei Special Olympics Lëtzebuerg nees ganz vill lass.

An eis Sportler hunn iwwerall mat vill Freed an Asaz matgemaach.

Aus deem grousse Programm hu mir e puer Aktivitäten speziell gutt gefall. De Schnupperdag am Powerlifting war een dovunner. Ech hoffen do och dat mir déi Sportaart och können viru maachen. D'Liichtatghletiksfester zu Dikkrech an an der Coque gehéieren och zu mengen Lieblingsmanifestatiounen. Hei begéint een vill Sportler aus dem ganze Land an aus dem Ausland.

Mat vill Freed maachen ech all Joer un eiser EKS-Marche zu Gaasperech mat. Frou war ech dest Joer bei der 5. Oplo, dass esou vill Leit matgaangen sinn an dass esou vill Sportler derbäi waren.

Eist Summerfest am Sennespark zu Lëllgen, mat ville flotten an interessanten Aktivitéiten, huet all den Athleten vill Spaass gemaach.

Allen Athleten soen ech e grousse Merci fir hiren Asaz an hir Ausdauer, mee e spezielle Merci och un eis vill Traineren, déi gratis all Woch mat eis am Asaz sinn.

Zum Schluss well ech der ganzer Equipe déi am nächste Mäerz op d'Weltspiller op Abu Dhabi fiirt vill Gléck an Erfolleg wenschen. Bréngt vill Medaillen mat zeréck !

Nach eng Kéier Merci un Iech alleguer !

# Rapport du Directeur National Marc Feltgen



Et war dest Joer den 50. Geburtsdag vun Special Olympics International, weltweit waren dod eng Rei vun Evenementer am Juli dest Joer mat dem Heichpunkt geint den 21 Juli zu Chicago wou och e groussen Unified Fussball Turneier gespillt gin ass.

Et waren och Virbereedungen fir Weltspiller 2019 zu Abu Dhabi, an daat och hei zu Lëtzebuerg, wou mir schons zënter méi wéi engem Joer amgaangen sinn. MENA Games waren Testspiller an die hu gewisen waat fir en Potential fir Spiller 2019 do ass. Mir waren esouwuel bei den MENA Games wie och bei der Réunioun vun de Chef de Délégation derbai fir ons alles unzekucken an vir och elo schon Kontakt mat der Ambassade opzuhuelen. Am grousse Ganzen ass Préparatioun dest Keier mat nach enger greisserer Professionaliteit opgeholl, siew dat am sportlech Beräich wie och am organisationellen Bereich. Mir haten och schon am Virfeld e flotten Stage zu Saarbrécken an eis Equipe waert den 12 Februar dann während engem grousse Gala offiziel virgestallt ginn. E grousse Merci u jiddereen. Zum finanziellen Beräich komme mir spéider.

Zu Lëtzebuerg war eisen europäeschen Bocceturneier natiirlech een vun den Heichpunkter. E gelongenen Turneier wou jiddereen zefridden Heem gang ass. Merci u jiddereen de gehollef huet.

Mam Pascale war ech op eng Konferenz fir Dirigeanten an Ech war dann och nach op EELC Meetinger zu Samorin a Slovakien an Budva am Montenegro . Dat wichtechst Thema vun Special Olympics International ass nach emmer Unified Sports an dat gett an der Zukunft sëcher nach méi gepuscht. Zu Lëtzebuerg si mir an dem Beräich haaptsächlech am Basketball täteg, mee och am Dëschtennis wie am Lafen hu mir Partner derbäi.  Wat ass Unified Sports ? Do trainéieren Athleten (mat enger Behennerung) a Partner(ouni Behennerung) dat ganzt Joer iwwer zesummen fir sech op Kompétitiounen virzebereeden an dann och ze spillen.

# Rapport du Directeur National
# Marc Feltgen



Mir waren och op eng Rei vun Sportsévénementer am Ausland, do mei am Sportsbericht.

Am Schilaanglaf hu mir un engem Trainerseminar an Estland deelgeholl, an eis Fussballtraineren gin am Dezember op Prag op e Fussballseminar.

Am strategeschen Plang, deen nach bis 2021 leeft, hu mir ennert Annerem folgend Saachen an desem Joer emgesaat.

- de Sportsprogramm consolidéiert an eng Formatioun fir eis Traineren gemach
- E Schnupperdag am Powerlifting gemach wou mir Ufank 2019 waerten mam Training ufänken
- E neien Training zesummen mat den Schüler aus dem LTPES, dest op Initiative vum Anja an Xylina wäert Ufank Januar starten
- Sportsdag fir die mei jonk Sportler (zesummen mat Degroof/Petercam an EPSA), Degroof huet och scho gefroot fir daat naichst Joer erem mat ze maachen. Mat desem Projet kruuten mir och e Preis vu 5000€ op den ING Solidarity Awards. E grouse Merci hei dem Romy
- Nei Partenairen am Sport mat enger Partnerschaft die an de näechsten Deg a Wochen mat der FLTT an der FLA ennerschriwen gett.
- Nei Partenairen an de Finanzen, mei dozou am Finanzbericht

Ech soen iech Merci fir äert Noolauschteren.

# Rapport d'activités 2018



Pierrot Feltgen

*Directeur sportif*

Special Olympics
Luxembourg

# November 2017




Ech probéieren dat ganzt esou kuerz wéi méiglech ze maachen a fir néischt Gréisseres ze vergiessen ginn ech chronolegesch fir. Fänke mir unn mat der Assemblée Générale virun engem Joer an deem selwechte Sall. Dir gesidd do war nach e besse méi Plaz um Comitésdesch. Dee Comté wéi hien sech duerno zesumme gesat huet. D'Pascale huet schons gesot dass de Jerry dat nächst Joer net méi derbäi ass. Dat ass schued mee awer ze verstoen.

# Comité

- ✓ **AG Novembre 2017**

  **Comité 2018-2020**

  ***Présidente:*** Pascale Schmoetten

  ***Vice-Présidents:*** Nico Soisson/Ed Pick

  ***Secrétaire général:*** - (intérim par Pierrot Feltgen)

  ***Directeur des finances:*** Lieven Decroos

  ***Représentant athlètes***: Aly Hoffmann

  ***Membres:***

  Marie-Anne Neyens
  Anne Wiance
  Marc Theis
  Jerry Garson (démission 19 novembre 2018)
  Netty Koch
  Xylina Simon
  Torsten Ottens

  **Experts/Invités au Comité:**

  ***Directeur National:*** Marc Feltgen


  ***Directeur sportif:*** Pierrot Feltgen

# Dezember 2017




Mir hunn am Dezember ugefaangen mat dem Prix de l'Inclusion dee mir der FLTT iwwerreecht fir déi gutt Zesummenaarbecht ze würdegen a mir hunn vun deem Owend profitéiert fir ofzemaachen dass mir dat wat esou wisou fonktionnéiert an engem Pabéier festzehalen an net mé spéit wéi nächsten Densdeg ennerschréiwen mir zu Hesper eng Conventioun mat der FLTT.
Donieft haten mir nach Ski Training zu Amnéville an der Skihal, waren op engem Ski Seminär zu Schladming, eise Laftreff war wéi gewinnt um Chrëschtlaf zu Déifferdeng an eis Fussballer waren mat 2 Equipen zu Goik bei Bréissel am Asaz.
Dann hate mir eis 1. Niklosparty zu Dikkrech, do get et dëst Joer eng 2. Editioun. Dozou kommen mir méi spéit.

# Januar 2018




De Januar hu mir traditionnel mat eisem Basketball dag ugefaang. Eng super Organisatioun , wou mir mat der FLBB zesummenschaffen, moies mat Atelier a Workshopen geleed vum Trainerstaff vun der FLBB, mettes mat engen Unified Match an duerno dem VIP-Game wou vill Spaass ass.

Weider eise Pot de Nouvel An, eng flott Geleegenheet fir ennert eis emol zesummen ze sinn awer och sech mat Partneren ze treffen, mat anere Fédératiounen, do geschéien mol ganz flott Aktiounen. D'lescht Joer si mir esou a Kontakt mat der FLA komm and en Fazit vum Owend wor eng Partizipatioun vu Special Olympics am groussen CMCM Meeting an der Coque, an och do ass eng Conventioun geplangt. De Ski alpin war a Liechtenstein, d'Laangleefer wéi gewinnt zu Oberhof.

# Februar 2018




Da si mir schons bei dem ugeschwaten CMCM Meeting, wou eis Sportler eng 800 Metercourse gelaf sinn. Eng positive Expérience fir jiddereen, déi den nächsten 2. Februar eng Suite kritt.

Eis Trainer waren zu Otepää an Estland op engem Seminär. Net ze vergiessen eis Wantersportkolonie zu Pertisau an der Fuesvakanz

# Mäerz 2018



Am Mäerz eisen Young Athletes Day wat ee vun eisen Héich-punkter war. Mir haten dat 2017 probéiert hei am Dàich zesummen mam Fifty-One. Mir haten deemols an der grousser Hal eng Partizipatioun vun ronn 70 jonke sportler. Mir hunn des Kéier d'Hal net vun der Gemeng kruet. Spontan huet den Direktor vun der EPSA eis opgeholl. Mir hunn an 3 Halen an e puer Klassesäll eis geschwescht mat 102 Schüler aus der Ediff. Mir sinn do un eis Limiten erukomm awer ee flotten Dag fir jiddereen. Den Encadrement ass vun Schülerinnenaus der EPSA, déi op eisem Unified Training deelhuelen, awer och vun Employeën vun Petercam/Degroof, déi nach ni esou eppes gemaach haten awer super matgeschafft hunn. Esou een Dag ka ganz nohalteg sinn. Mettlerweil eis eng Dame bei eis als Trainer täteg.

Mir sinn Partenaire strategique beim Interreg am Basketball, den Owend mat den Deckkäpp war flott a huet eis nach e puer Euro dank dem Restaurant Faust an d'Kees bruecht. De Paul Koch war eise Bénévole sportif fir 2017, eis Leefer waren zu Paderborn am Asaz a beim Relais pour la vie hu mir wéi déi Joeren virdrunn een team mat Deloitte forméiert.

# Abrëll 2018




Eise Deschtennisturnéier am Rehazenter mat der Hellef vun der FLTT, wéi mir dat schons virdrun ugeschwat haten.

D'Schwemmer waren op Raalte an d'Leefer zu Klierf um Cliärwer Lof aktiv.

# Mee 2018




Eisen Euro-Bocce mat 20 Länner a ronn 80 Sportler wou mir op eng exzellent Zesummenaarbecht mat der FLBP a sengem Présidet Gérard Schneider, och mat der Gemeng Suessem déi eis den Artikuss fir eis Eröffnungsfeier zur Verfügung gestalt huet. Ee super Päischtweekend, mat enger formidabler Ambiance, wou een d'Atmosphäre op der Medailleniwwerreechung muss erfirhiewen.

# Mee 2018



Den ING Night Marathon, mir hunn do net nemmen d'Méiglechkeet op verschiddene Strecken deelzehuelen, dest am Senn vun Unified, mee och mat enger grousser Equipe (ronn 40 Leit) am Catering no der Arrivée. Mir bauen do op eng ganz gutt Zesummenaarbecht mam Erich François a probéieren do nach fir d'nächst Joer eng drop ze setzen.
Zu der selwechter Zäit war eist Unified Deschtennis Team zu Kiel bei den däitsche Spiller am Asaz, eis Tennisspiller , Liichtahleten a Schwemmer waren zu Genf bei eise schwäizer Frenn zu Genf an eis Fussballerspiller hunn sech un der Marche de l'Armée zu Dikkrech versicht

# Juni 2018



Duerno waren si op Liechtenstein un engem Turnéier derbäi. Dee selwechte Week-end war eist Liichtathletikfest zu Dikkrech.

Liichtathleten waren och op engem inclusive Meeting zu Saarburg

# Juli  2018



2017 hate mir verschidde Saachen ausgescchriwwen mat der Iddi Schnupperdeeg ze maachen. De Powerlifting ass dat éischt wat mir emgesat hunn zesummen mat der Fédératioun vum Powerlifting, déi iwwregens och eng Conventioun mat Special Olympics International hunn.  E flotten Dag mat 8 Sportler. Mir probéieren am Januar oder Februar nach esou een Dag ze maachen an duerno mat Traininger virun ze fueren.

Virum Summer hate mir nach eisen nationalen Dag am Bocce,
de Basketball hat ee Stage an eist Summerfest zu Lëllgen huet jidderengem gutt gefall.

# August 2018




Mir haten eise Préparatiounsstage en vue von Abu Dhabi.
Dräi Deeg zu Saarbrécken mat richteg Sport (2-3 Séancen pro Dag)
Abu Dhabi huet eis dat ganzt Joer beschäeftegt mat der Selektion schons 2017, d'Aschreiwungen, de Médico, Trainerversammlungen, Teambuilding, Umoossen vun den Uniformen, spezifesch Traininger an deenen eenzelne Sportaarten, Visite zu Abu Dhabi op de Pregames, Kontakt mat der Ambassade, Kontakter mat Partner op der Plaz an zu Lëtzebuerg, Kontakter déi hir Friichten schons droen.
Mir hunn Sportsambassadeuren fir déi eenzel Sportsaarten gesicht. Eis Coachen hunn nieft eise Formatiounen och nach eng E-Formation gemaach. All Mount  ass ee Webinar am allgemengen oder pro Sportaarten, eng gutt Organisatioun och vun Abu Dhabi aus, wéi mir dat esou nach net erliewt hunn. Eis Flig op d'Weltspiller si schon gebucht.

# September 2018




Traditionnel ware mir mat enger grousser Delegatioun op de Kö-Laf op Düsseldorf.
Eis Traininger hu nees ugefaang an zu Gaasperech hu mir zesummen mam FC Tricolore eis 5. Marche organiséiert. Des Joer hate mir ee flotten Succès mat 30% méi Partizipanten, dovunner ganz vill Sportler a Trainer vu Special Olympics. Mir hunn net nemmen 2019 geplangt mee och schons 2020 steet am Kalenner vun der FLMP.
Mir haten ee ala-Match zesummen mam T71 Diddeleng am Kader vum Partneriat Interreg.

# October 2018



**Eike Schröder dans l'histoire lors du marathon de Francfort**

**MARATHON Eike Schröder est devenu hier le premier sportif de Special Olympics Luxembourg à boucler un marathon. À Francfort, il a signé un chrono de 3 h 12'.**

Le dimanche 28 octobre 2018 restera un moment historique dans la vie d'Eike Schröder et celle de Special Olympics Luxembourg.

Originaire de Nocher-Route près de Wiltz, où il vit avec ses parents, le Luxembourgeois de 25 ans est devenu hier le premier licencié de cette fédération sportive dédiée aux personnes avec une déficience intellectuelle à boucler un marathon.

Et avec un épatant chrono de 3 h 12'41" alors qu'il s'élançait pour la première fois sur les mythiques 42,195 kilomètres. «C'est comme si j'avais fait les premiers pas sur la Lune. C'était génial quand j'ai franchi la ligne avec le public, ce décor. J'en suis encore ému», racontait-il.

Arrivé en 2011 à la course à pied, il a disputé en 2013 son premier semi-marathon à Diekirch (2 h 15'). Puis, à force de travail, il a réalisé 1 h 24' 52" à Paderborn en mars dernier.

Avant son coup d'éclat d'hier, longuement préparé, lors de quatre à cinq entraînements par semaine.

Eike Schröder, qui travaille en cuisine aux ateliers de l'APEMH (Association des parents d'enfants mentalement handicapés) à Hosingen, a su gérer son effort avant de finir en trombe malgré «le froid et le vent» à la 1 617e place chez les messieurs sur plus de 8 300 à l'arrivée. «Dans les quatre derniers kilomètres, j'ai senti la douleur, mais j'ai tenu. Je visais 3 h 20'-3 h 30'. C'est inespéré», lançait le coureur, qui ne compte pas s'arrêter là. Il a même fini parmi les meilleurs Luxembourgeois qui disputaient à Francfort les championnats nationaux. Philippe Gillen (2 h 29'58") et Karin Schank (2 h 56'49") y ont été sacrés. NICOLAS MARTIN

Eike Schröder, 25 ans, a impressionné lors de son premier marathon et il ne s'arrêtera pas là.

Eigentlech hiewen ech net gäeren deen een oder anere Sportler erfirzehiewen.
Enn Oktober ware mir mam Eike op Frankfurt op de Marathon. Hien huet eng super Leeschtung bruecht. Déi meescht Leefer hu geknuetert iwwert d'Wieder-Konditiounen (ze kal bei 4 Grad, zevill Wand), mee den Eike huet déi ganz Streck iwwert gelaacht wéi hei op der Foto an ass emmer méi séier gelaf 8 opwuel mir hien am Ufank gebremst hunn). Seng Zäit 3'12"41 dat huet sengen Trainer eng immense Freed gemaach an ass ee groussen Applaus wert.
Mir haten ee Match am Basketball géint Vodafone an de Marc zielt iech herno wat dorauser ginn ass. An dann eng ganz spontan Saach. Eis Schwemmer begéinen sech zu Colmar an der Schwemm an do kruten mir dou eng Invitatioun fir um Meeting vum Dauphin héi zu Ettelbréck deelzehuelen. Den David Wecker ass vun der FLNS geéiert ginn, all zwee Joer denken si un Special Olympics. A ville Gemengen ginn eis Sportler mat geéeirt. Mir hunn ugefaangen eis e bessen Gedanken gemaach en vue vun 40 Joer Feierlechkeeten.

# November 2018




D’lescht Woch hate mir eist Liichtathletiks-fest an der Coque mat e besse manner Sportler déi present waren wéi déi Joeren virdrun.

Dir verstidd dass ech net all Baskets- a Fussballsmatch an net all Course wou eis Leefer dru dellgeholl hunn opgezielt hunn. Dat giff soss einfach ze laang daueren.

# Entraînements hebdomadaires

Special Olympics
Luxembourg

# Entraînements

- **Lundi** (Natation, Basketball)
- **Mardi** (Athlétisme, Natation, Entraînement général)
- **Mercredi** (Football/EPSAE)
- **Jeudi** (Football, Bocce, Tennis de table)
- **Vendredi** (Entraînement général)
- **Samedi** (Laftreff, Tennis, Stockschiessen)

# Entraînements

- **Rehazenter** (Natation, Entraînement général, Tennis de table, Bocce, Basketball, Football (en hiver), Préparation ski)
- **Coque** (Athlétisme)
- **RFCUL** (Football)
- **Colmarberg** (Natation)
- **Ettelbruck** (Laftreff, Entraînement général)
- **Reuler** (Entraînement général)
- **Erpeldange-Sûre** (Tennis)
- **Schieren** (Stockschiessen)

# *Chiffres*

102 jours de compétitions et de stages dont

52 à Luxembourg

50 à l'étranger

376 Entraînements

12 disciplines sportives

+/- 350 sportifs + 35 partenaires

38 entraîneurs

+/- 60 bénévoles

# Merci un d'Press

- ❑ Publicatiounen
  an der Tagespress
  am Flambeau vum COSL
  am Trophée vun der Sportspress.lu
- ❑ Reportagen op Radio an Télé


thank you
danke
謝謝
ngiyabonga
teşekkür ederim
gracias
merci
obrigado
bedankt
dziękuję
go raibh maith agat
mochchakkeram
sukriya
kop khun krap
terima kasih
arigatô
dakujem
grazie
takk
tapadh leat
dank je
спасибо
Баярлалаа
рахмат
мерси
хвала
감사합니다
ありがとう
ευχαριστώ
hvala
mauruuru
sagolun
taiku
faafetai lava
kiitos
dankie
dhanyavad
nanni
nandri
bayarlalaa
gracie
köszönöm
enkosi
sobodi
dekuji
mèsi
didi madloba
kam sah hamnida
rahmat
najis tuke
chnorakaloutioun
gratias ago
gràcies
sulpáy
tanemirt
rahmet
diolch
xièxie
dhanyavadagalu
shukriya
merce
trugarez
mamnun
дякую
djiere dieuf
tau
murakoze
chokrane
tenki
obrigada
asante
manana
paldies
grazzi
mahalo
matondo
misaotra
welalin
tack
spas
mersi
kia ora
barka
vinaka
спасибі
blagodaram
akun
dankon
aciú

# KALENNER 2019




**20€**

# Bilan financier
## 2017/18

Lieven Decroos / Marc Feltgen

Special Olympics
Luxembourg

# Partenaires Financiers

LOTERIE NATIONALE

www.confiance.lu
AGENCE IMMOBILIERE
TOUSSAINT Abby
Tél: 32 81 73-1 • MERSCH

FONDATION ENOVOS

sous l'égide
de la Fondation
de Luxembourg

ŒUVRE
Nationale de Secours
Grande-Duchesse Charlotte

CMCM
Zanter 1956
Do, wann Dir eis braucht.

NOVUS
RENOVATION

Votre concessionnaire Volkswagen
**Garage Biver**
32 rue d'Erpeldange
L-9518 Weidingen
Tél.: 95 81 48, Fax: 95 78 77
www.garage-biver.lu

Volkswagen

Deloitte.

Your solution
www.yoursolution.lu

NOVUS
HOME DESIGN

fi
Fiduciaire
interrégionale s.a.
fiduciaire comptable

# Partenaires Institutionnels

Ecole Privée Sainte-Anne
Lycée secondaire général
108 Grand-rue L-9051 ETTELBRUCK
Boîte postale 117 L-9002 ETTELBRUCK

LTPES

TEAM LËTZEBUERG

LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

# Partenaires Sportifs

FC WILTZ 71

FEDERATION LUXEMBOURGEOISE DE FOOTBALL
FLF

Racing FC
Union Lëtzebuerg

FEDERATION
LUXEMBOURGEOISE
DE BASKETBALL
FLBB

FLGym

FLNS
Luxembourg

FLTT

# Partenaires Abu Dhabi




QUBE®

ASPORT
> sports + performance <

G-art
sportswear designer

ArcelorMittal

armacell®
MAKING A DIFFERENCE AROUND THE WORLD.

SOCIETE GENERALE

AABBL
Association des Anciens du Basketball Luxembourgeois

AIRTECH
EUROPE Sarl

M
Le bon objet au bon moment

RAK
PORCELAIN
• EUROPE •

# Budget 2017 - 2018

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dépenses | -182.970,00 | Recettes | 161.400,00 |
| MALI | -21.570,00 | | |

# Bilan 2017 - 2018

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dépenses | -209.443,74 | Recettes | 159.793,57 |
| Résultat de l'exercice | -49.650,17 | Solde des comptes bancaires | -1.430,89 |

| | Total | Dépenses | Recettes |
|---|---|---|---|
| Activités Sportives | -106.939,24 | -146.960,68 | 40.021,44 |
| Activités extra-sportives | -1.887,97 | -4.572,83 | 2.684,86 |
| Frais de Gestions | -45.394,05 | -57.617,65 | 12.223,60 |
| Dons, Subsides, Carte de Membres | 104.571,09 | -292,58 | 104.863,67 |

Affectation des résultats :
La perte de l'exercice du montant de 49.650,17€ est reportée à l'exercice suivant
Avoir au 30 septembre 2018: 142.000 Euroen

# Décharge au trésorier et au comité

Special Olympics
Luxembourg

# Cotisations inchangées

Special Olympics
Luxembourg

# CALENDRIER SPORTIF + EXTRA-SPORTIF

Saison 2018 - 2019

Special Olympics
Luxembourg

# Calendrier sportif + extra-sportif 2018 - 2019



- Décembre 2018: Wanterchampionnat FLNS
  **Prix Sport et Handicap**
  Stage international BB
- Januar 2019: Neien Training am LTPES Mersch
  Basketball Day
  Langlauftage zu Oberhof
- Februar 2019: **Diner de Gala**
  CMCM Meeting
  FB indoor tournoi
  Wantersportkolonie zu Pertisau
- Mäerz 2019: SOWSG Abu Dhabi
  Young Athletes Day
- Abrëll 2019: NG Deschtennis
- Mee 2019: Football Week
  NG Aquatics
- Juni 2019: ING Marathon

Special Olympics World Games Abu Dhabi 2019

Special Olympics Luxembourg 40 YEARS 1979 - 2019

# Prix Sport et Handicap

sportspress lu / AWARDS NIGHT

Trophy

## Prix Sport et Handicap
## Special Olympics Unified Sports



Der Gedanke, die körperliche Betätigung und den Sport den Personen mit einer intellektuellen Beeinträchtigung näher zu bringen, entstand in den 60ern in den USA. Besonders verantwortlich für die Verbreitung dieser Idee war Eunice Kennedy-Shriver, die Schwester von US-Präsident John F. Kennedy. Die Problematik einer geistigen Behinderung war der Familie durch ihre Schwester Rosemary bekannt.

Auf Initiative von Eunice Kennedy-Shriver fanden im Juli 1968 im Soldiers Field in Chicago die ersten Spiele von Special Olympics statt. Mit der Beteiligung in der Leichtathletik und im Schwimmen von tausend Sportlern aus verschiedenen amerikanischen Staaten sowie aus Kanada war der Grundstein gelegt. Fünfzig Jahre später feiert die Weltbewegung ein großes Jubiläum. Special Olympics ist weltweit anerkannt und betreut 6 Millionen Sportler in 174 Ländern.

Mittlerweile werden 33 verschiedene Sportarten angeboten. Die nächsten Weltsommerspiele in Abu Dhabi (14. – 22. März) werden mit 7500 Teilnehmern das weltweit größte Sportereignis des kommenden Jahres sein. Luxemburg wird hier mit 37 Sportlern, 17 Betreuern und Offiziellen sowie 2 Schiedsrichtern vertreten sein. Im Fokus stehen wird bei diesem Event der „Unified Sports". Es handelt sich hier um einen inklusiven Ansatz. Athleten mit einer Beeinträchtigung trainieren regelmäßig und kämpfen im Wettkampf gemeinsam mit validen Partnern. Das Team aus Luxemburg wird im „Unified Sports" mit einem Team im Basketball sowie im Tischtennis an den Weltspielen teilnehmen. Bei den letzten Weltspielen (Los Angeles 2015) war Luxemburg sowohl im Basketball als auch im Fußball mit gemischten Mannschaften am Start.

Special Olympics Luxemburg leistet seit Beginn der 90er Pionierarbeit auf dem Gebiet des „Unified Sports". 1994 fand in Ettelbrück als europäisches Projekt ein erstes Unified Fußballturnier statt. Die Kollektivsportarten sind ausgezeichnete Felder um diesen inklusiven Gedanken umzusetzen. Im Fußball und im Basketball, aber auch seit kurzem im Tischtennis, setzt Special Olympics Luxemburg diese Vorgaben des gemeinsamen Sport-ausübens um.

Auch in den Schulen, wie zum Beispiel seit mehreren Jahren in der Ecole privée Sainte-Anne in Ettelbrück und ab nächstem Jahr im LTPES in Mersch, wird in speziellen Trainingseinheiten der Sport in diesen gemischten Gruppen (Behinderte und Schüler/innen) gefördert. Bei Special Olympics wird nicht nur über Inklusion geredet, sondern dieser Gedanke wird mit viel Erfolg in die Tat umgesetzt. Und jeder profitiert von diesen sportlichen und sozialen Aktionen. Die Begeisterung von allen Beteiligten spricht Bände.

7

sportspress lu

Special Olympics Luxembourg

40 YEARS 1979 - 2019

# Dîner de bienfaisance







Special Olympics Luxembourg 40 YEARS 1979 - 2019

# Calendrier sportif + extra-sportif 2018 - 2019

- Juli 2019: Fitness Day
  NG Bocce
  **Journée 40 Joer**
- Octobre 2019: Water Day
  **SOEE Sports Conference**
- Novembre 2019: NG Athletics indoor

- Match Gala BB/FB
- Exposition photos
- Journée bénévoles
- Suprises

# Budget
2018/19

Marc Feltgen

Special Olympics
Luxembourg

# Budget 2018 - 2019

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dépenses | -274.200,00 | Recettes | 231.700,00 |
| MALI | -42.500,00 | | |

| | Total | Dépenses | Recettes |
|---|---|---|---|
| Activités Sportives | --77.350,00 | -175.750,00 | 98.400,00 |
| Activités extra-sportives | -700,00 | -38.000,00 | 37.300,00 |
| Frais de Gestions | -44.450,00 | -59.950,00 | 15.500,00 |
| Dons, Subsides, Carte de Membres | 80.000,00 | -500,00 | 80.500,00 |

# REMISE DU PRIX DE L'INCLUSION




Special Olympics Luxembourg

# Prix de l'Inclusion 2018

## Présentatioun Pascale Schmoetten

2018 -1968.......

.........en anert Joerhonnert, 50 Joer dertëschent, eng grouss Entwécklung, Toleranz an Unerkennung fir Sportler mat enger Behënnerung an och allgemeng fir Mënsche mt enger Behënnerung, ma trotz allem, Inklusioun ass kee Selbstläufer......

An de 60 er Joer goufen  d'Special Olympics an Amerika an d'Liewe geruff, dat vum  d'Eunice Kennedy Shriver, enger Schwëster vum US President J.F.Kennedy an  der Mamm vum Tim Shriver, dem aktuelle President vun SO International..
Zu Lëtzebuerg gëtt et d'Special Olympics zënter 1979, ufanks ënnert dem Numm „ALPAPS (Association Luxembourgeoise pour la Pratique des Activités Physiques et Sportives des personnes inadaptées et handicapées mentales) – Sport mat Suergekanner".
Mëttlerweil ass eis Federatioun dann och emgedeeft ginn an zwar ass eisen offiziellen Numm „ALPAPS – Special Olympics", mat Betounung op „Special Olympics".
An eng Sportsfederatioun ze sinn , heescht och sou unerkannt ze sinn.
Ufanks den 80 er si mir vum Sportsministère a vum COSL als Sportsfederatioun opgeholl ginn a profitéiere vun de selweschte Virdeeler, vun denen all aner Sportsfederatioune profitéieren. Mir kréien déi selwescht finanziell Ënnerstëtzung, mir kréie Congé Sportif accordéiert, eis Sportler ginn an de Médico, eis Sportler kréien no Europa- a Weltspiller eng Receptioun,......

# Prix de l'Inclusion 2018

## Présentatioun Pascale Schmoetten

Hunn eis Sportler laang Zäit hir respektiv Sportaten nëmme just ënner sech ausgeübt, sou si mir immens frou, dass och dat Vergaangenheet ass. Eis Sportler sinn ëmmer méi mat valide Sportler am Kontakt. Um Training, an der Competitioun, mir hu Unified Teams an enger Rei vu Sportarten, an den individuelle Sportarten wéi Liichtathletik a Schwamme sinn eis Sportler bei FLA oder FLNS Competitiounen agebonnen, op Stroosseleef mësche si sech ënnert déi gesamt Mass vu Leefer. Sou réckelt ëmmer méi de Sport, de Sportler, jo, de Mënsch an de Mëttelpunkt.
Play unified, be unified, inclusion par le sport, inclusion .......Inklusioun...am Sport, duerch de Sport, am Liewen.....
..... an duefir rem e „Prix de l'inclusion"....
dee Special Olympics Lëtzebuerg an d'Liewe geruff huet, fir all Joer enger Federatioun, Associatioun, Ministère oder wiem och ëmmer fir eis a Fro kënnt, dëse Präis ze iwwerreechen.
Dëse Präis geet ëmmer un een, dee sech fir déi selwëscht Idealer wéi mir asetzt, demno hëlleft d'Inklusioun duerch de Sport virunzedreiwen.
Dëst Joer ass de „prix de l'inclusion" fir d'FLNS, d'lëtzebuerger Schwammfederatioun fir alles wat dir méiglech maacht, dass eis Schwëmmer mat äre Schwëmmer kënnen u verschiddene Competitiounen deelhuelen, ob Meeschterschaften oder och soss..... an et mécht och Freed, dass bei ärer „journée des récompenses" och ee vun eise Schwëmmer zu Eiere kënnt.

Am Virfeld vum internationalen Dag vun der Behënnerung wëlle mir iech duefir MERCI soen an dëse klenge Souvenir iwwerreechen.

# Prix de l'Inclusion 2018

## Interventioun Marco Stacchiotti (Président FLNS)

Léif Sportler,
Mir sinn ganz houffreg dass mir dee Präis kréien. All Kéiers wa mir Leit vu Special Olympics mat op eis Eventer abannen, kritt des Manifesatioun e spezielle Touch. Dat ass emmer ee grousse Moment mat vill Emotiounen, well d'Schwemmer vun allen ugeféiert ginn. Mir hunn dat elo schons Joere probéiert systematesch mat anzebannen. Mir haten d'Chance niefts enaner zu Colmar ze trainéieren an sou konnten mir si op eis Journée des Jeunes Espoirs invitéieren. Mir wellen dat och am Abrëll 2019 offréieren. Et giff mech och freeën wann dir op den Euro Meet könnt kucke kommen an do d'Weltelite ze gesinn.
Nach neg Kéier ee grousse Merci dass mir déi Präis kritt hunn.

# ASSEMBLEE GENERALE

29 NOVEMBRE 2018

Merci aux entraîneurs

Discussion libre

Pot d'honneur

Special Olympics Luxembourg